



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alf Christian, 10:58, 18/11/2020

Lëtzebuerg, den 18/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Verdeelegung & Finanzen weiderzeleeden.

Laut engem Artikel vum 18ten November vu reporter.lu, gouf et 2018 Pläng vum deemolege Verdeelegungsminister Etienne Schneider, fir d'Direktioun vun der Defense an der Police, esou wéi de SREL a Gebailechkeeten op der Cloche d'Or ënnerzebréngen. Laut dem Noriichteportal hätt dëse Projet, dee warscheinlech de Sécherheetsstandarde fir dës Administratiounen net entsprach hätt, de Steierzueler um Enn bis zu 70 Milliounen Euro kascht.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gebailechkeeten huet de Staat säit dem 6.12.2013 duerch eng esou genannte Prozedur *location-vente* kaaft?
2. Firwat hunn d'Ministeren no de Walen 2018 decidéiert, déi verschidden Direktiounen net an d'Gebai *Darwin* op d'Cloche d'Or ze plënnere?
3. Firwat gouf no de Walen 2018 decidéiert, fir d'Servicer vum Ministère de la Santé an dësem Gebai ënnerzebréngen?
Gëtt et eng *clause d'achat* am Kontrakt tëscht dem Staat an de Besëtzer vum Gebai?
4. Laut reporter.lu, huet den deemolegen Arméisminister Drock op seng Servicer gemaach, dass de Projet nach virun de Walen 2018 ofgeschloss sollt ginn. Ee Projet, an deem ee Promoteur verwickelt ass, bei deem den deemolege Minister och privat gelount huet.
Gesinn d'Ministeren an dësem Fall een Interessekonflikt?



Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a large, sweeping initial 'C' followed by a smaller 'L' and a horizontal line extending to the right.

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

Luxembourg, le 18 décembre 2020

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82831
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

REÇU
Par Aïff Christian , 14:05, 18/12/2020

L-2450 LUXEMBOURG

n. réf.: A37. 2252. 20

Objet : Question parlementaire n°3158

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

François Bausch
Ministre de la Défense

Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Défense, Monsieur le Ministre des Finances et Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3158 du 18 novembre 2020 de l'honorable Député Sven Clement au sujet de « Affectation du bâtiment "Darwin" à la Cloche d'or »

Zu der 1. Fro ass fir d'éischt ze soen dass et sech hei net em eng "location-vente" handelt, mee ëm e Locatiounskontrakt an deem eng Option d'achat virgesinn ass.

Dëst ass eng gängeg Praxis. Beim Ugoe vun engem Projet vun engem neie Gebai gëtt versicht mat dem Propriétaire sou eng Dispositioun auszuhandelen. Dëst erméiglecht dem Staat, fir bei engem Gebai dat him konvenéiert, net éiweg duerch een Locatiounskontrakt gebonnen ze sinn, mee och Propriétaire kënnen ze ginn.

Des Weideren erméiglecht dës Prozedur, den eventuelle Kafpräis am Virus ze kennen. Wann dës Präis de Seuil vu 40 Milliounen Euro iwwerschreit, ass genuch Zäit, d'Autorisatioun vun der Chamber anzehuelen, éier d'Optioun gezu ka ginn. Ouni sou eng Klausel géif de Staat bei lafende Verhandlungen, wou en och oft a Konkurrenz mat Acteure vum Privatsecteur steet, reegelméisseg de Kierzeren zéien, well en déi Autorisatioun net mat Zäit kréie géif.

Tëschent 2013 an 2020 huet de Staat bei 10 gelounte Gebaier seng Option d'achat gezunn:

2015 - Cité policière I zu Sandweiler: 86, 39 Milliounen Euro (Gesetz vum 1.4.2015)
2016 - e Gebai, 26, route d'Arlon zu Lëtzebuerg: 30 Milliounen Euro
2018 - e Gebai, 6, Avenue du Swing zu Esch-Belval: 21,40 Milliounen Euro
2018 - e Gebai, 8-10, rue de la Fonderie zu Lëtzebuerg: 16,63 Milliounen Euro
2019 - e Gebai, 1, Porte de France zu Esch-Belval: 38,25 Milliounen Euro
2019 - Cité policière II zu Sandweiler: 108 Milliounen Euro (Gesetz vum 4.12.2019)
2019 - Hallen, rue Irbicht zu Beringen: 11,51 Milliounen Euro
2020 - e Gebai, 10, rue Bender zu Lëtzebuerg: 18,00 Milliounen Euro
2020 - e Gebai, 35, rue de Bonnevoie zu Lëtzebuerg: 22,26 Milliounen Euro
2020 - e Gebai, 17a, route de Longwy zu Bartreng: 12,53 Milliounen Euro

Wéi de Verdedegungsminister am Dezember 2018 säin neie Ressort iwwerholl huet, huet e sech direkt de Projet ugekuckt. Zu deem Zäitpunkt war nach keen Avant-projet détaillé (APD) validéiert an de Minister huet d'Konklusioun gezunn, dass d'Gebai net adequat fir d'Défense wier. Vu d'Spezifizitéit vum Projet, deem seng Envergure iwwer 40 Milliounen gewiescht wär, wollt de Minister net an ee Gebai investéieren, an deem de Staat just Locataire mat enger Option d'achat gewiescht wär, ouni dass dee Kaf schonn duerch ee Gesetz autoriséiert gewiescht wär.

Doropshin ass decidéiert ginn, all déi fir d'Défense speziell erfuerdert Sécherheitsmesurë falen ze loossen an en normaalt Bürogebai ze plangen. Dëst huet och erlaabt, den Taux d'occupation potentiell sensiblement bis zu 200 Persounen eropzesetzen.

Wat d'Villa Louvigny ugeet, sou gesäit de Koalitiounsaccord 2018-2023 dat heite vir : "La Villa Louvigny au coeur de la capitale est un bâtiment historique aux nombreuses facettes. Ce site unique sera utilisé de manière judicieuse afin d'y créer un site de création pour les artistes, qui leur propose de nouvelles possibilités de création et d'exposition. La salle de concert existante sera revalorisée pour des représentations artistiques."

Doropshin ass ënnert dem deemolege Gesondheitsminister no engem passenden neie Gebai gesicht ginn.

D'Gebai Darwin op der Cloche d'Or huet sech vun der Superficie an de Gebailechkeeten als passend Alternativ zu der Villa Louvigny ugebueden.

D'Ministere hunn keng Kenntnisser iwwer d'Diskussiounen innerhalb vun der Défense ronderëm dat Gebai während der leschter Legislaturperiod.